Schëffleng den 19.10.2023

Als Schëfflenger LSAP wëlle mir heimat kloer stellen, dass eis Sektioun näischt mam Parteiaustrëtt bei “déi Lénk” vum Gemengerotsmember Admir Civovic ze dinn hat, och wann eis dat vun “déi Lénk” an engem Communiqué vum 18. Oktober 2023 ënnerstallt gëtt.

Den Här Civovic huet bei der Partei “déi Lénk” demissionéiert an huet schrëftlech eng Demande gemaach fir an der LSAP opgeholl ze ginn.

No internen Iwwerleeungen a Reuniounen huet d’LSAP déi Demande ugeholl. D'LSAP huet sech a kengem Moment aktiv ëm den Här Civovic beméit. D’Decisioun, fir net méi Member vun “déi Lénk” ze sinn, huet hien ouni eist Wëssen oder Afloss vun eiser Säit geholl.

Hien wäert an Zukunft als Onofhängegen am Gemengerot weiderschaffen. Och wann den Här Civovic Member bei der LSAP gëtt, kritt d’LSAP-Fraktioun am Gemengerot doduerch kee Sëtz bäi.

D’LSAP weist drop hin, dass de Parteiwiessel vum Här Civovic keng Konsequenzen huet fir dat gutt Zesummeschaffe mam Koalitiounspartner CSV. Déi nächst Woche wäerte mir all eis Energie op d’Opstelle vum Budget fir 2024 konzentréieren.